



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Direction de la Défense

Äntwert vum Verdeedegungsminister an vum Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7761 vum 14. Mäerz 2023 vun den honorabelen Deputéierten Claude Lamberty a Gusty Graas

Zu de Froen 1, 2 an 3:

De Verdeedegungsminister huet dëst Urdeel zu Kenntnis geholl a waart op d'Urdeel vum Verwaltungsgericht an der Affär op dat der Cour constitutionnelle hiert Urdeel zréckgeet.

Zur Fro 4:

Wéi am „Exposé des motifs“ vum neien Arméisgesetz (projet de loi 7880) erkläert, dréit dësen Text engem viregten Urdeel vun der Cour constitutionnelle, wou och schonn d'Netanhale vun den Artikelen 32 a 96 vun der Verfassung festgestallt gouf, Rechnung. Eent vun den erkläerten Ziler vum neie Gesetz ass der Rechtssécherheet vum Arméisgesetz vun 1952 en Enn ze setzen.

Zur Fro 5:

D'Police ass net vum Urdeel vun der Cour constitutionnelle betraff, well den Artikel 96 vun der Verfassung vun der „force armée“ schwätzt an doduerch eleng d'Arméi betrëfft.

Lëtzebuerg, den 7. Abrëll 2023

(s.) François Bausch
Verdeedegungsminister